



Groupe parlementaire

N° 6710  
Entrée le 25.08.2022  
Déclarée recevable et urgence non-reconnue  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 25.08.2022

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Frankräich wëll d'Steierreduktioun um Liter Bensinn an Diesel vum 1. September u bis Enn Oktober vun 10 op 30 Cent erhéijen. Zu Lëtzebuerg soll déi entspriechend Reduktioun ëm 7,5 Cent dogéint den 1. September auslafen. Et ass also net nëmme domat ze rechnen, datt déi vill franséisch Frontalieren da wäerten an hirem Heemechtsland tanken, mee datt wouméiglech och Lëtzebuurger Bierger an Zukunft déi Säit vun der Grenz tanke fueren, wat och negativ Auswierkungen op de Staatsbudget hätt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung sech virstellen, bei der Reduktioun vun de Steieren um Bensinn op de gläiche Wee ze goen, wéi eis franséisch Noperen, fir beim Bensinnspräiss weiderhin kompetitiv ze bleiwen an den Tanktourismus als wichteg Recette net ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Énergie et de  
l'Aménagement du territoire  
Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Energieminister, der Finanzministesch an der Ministesch fir  
Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6710 vum  
25. August 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup**

D'Regierung plangt net d'Remise vu 7,5 cts um Liter Bensinn an Diesel ze verlängeren, respektiv op de selwechte Wee, wéi Frankräich ze goen. Den sech ze erwaardenden Ausfall vu Steierrecette fir Lëtzebuerg, deen duerch déi franséisch Reduktioun entstoe wäert, beleeft sech leschten Estimatiounen no an der selwechter Gréisstenuerdung wéi de Käschtepunkt deen entstoe géif, wann hei zu Lëtzebuerg änlech Mesuren, wéi déi am Frankräich, agefouert géife ginn.

An dësem Kontext ass och drun ze erënneren, datt Lëtzebuerg säin Deel am Kampf géint de Klimawandel bäizedroen huet, an dofir d'Land den CO<sub>2</sub>-Ausstouss bis 2030 ëm 55% reduzéiere wëll. Dozou gehéiert och de Verkaf vu Bensinn an Diesel progressiv erofzefueren. D'Zil ass also, dass mëttelfristeg manner Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg tanke kommen, wéi dat haut de Fall ass. Dës Reduktioun ass am groussherzogleche Reglement vum 22. Juni 2022 festgehalen, deen déi järelech Zäregasemissionsreduktiounen fir d'Secteur bis 2030 fixéiert.

Schlussendlech ass ze ënnersträichen, dass de Problem vun den héijen Energiepräisser net en nationale Problem ass mee een, deen de ganze Kontinent betrëfft, a fir deen ee virun allem eng europäesch Approche a Measure brauch, well nëmmen esou d'Energiepräisser a ganz Europa stabiliséiert a gedréckt kënne ginn. Lëtzebuerg setzt sech dofir weiderhin aktiv um europäeschen Niveau fir gemeinsam Léisungen an, an an deem Sënn treffen sech d'Energieministeren den 9. September 2022 fir iwwert nächst Schrëtt ze beroden.

D'Regierung hält d'Präisdeierecht bei der Energie ganz eescht. Sou gouf an dësem Joer nom Energiedësch an der Tripartite schonn direkt Hëllef an Héischt vun 923 Milliounen Euro an zousätzlech staatlech Garantien an Héischt vu 500 Milliounen Euro decidéiert, fir d'Bierger an d'Entreprisë finanziell an dësen Zäiten ze ënnerstëtzen. Sou gouf notament den Energie-Steierkredit agefouert, souwéi och d'Primm Energie fir de Menage mat niddregen Akommes ënnert d'Äerm ze gräifen.

Lëtzebuerg, den 1. September 2022

De Minister fir Energie

(s.) Claude Turmes